Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

# Eng Versammlung iwwert de Wollef

**Kontext :**

D'Methode vun de Wëllefcher baséiert op der Dschungelgeschicht vum Rudyard Kipling. Déi verschidden Déieren stinn fir d'Diversitéit. D'Ritualer am Dschungel spigelen sech an eise Fester, wéi ënnert anerem dem Verspriechen erëm.
Am Zentrum stinn d'Wëllef an hiert Liewen am Ruddel an an der Natur. D'Geschicht soll en Ustouss sinn fir ofwiesslungsräich Aktivitéiten iwwert e längerem Zäitraum.
An dëser Geschicht fannen mir vill verschidde Symboler erëm. Den Dschungel steet fir d'Natur d'Ëmwelt an der Nohaltechkeet, awer och fir d'Abenteur, d'Entdeckungen an d'Erausfuerderung.
D'Gesetz vum Dschungel steet fir e "gudden" Ëmgang mateneen.
De Ruddel steet fir d'Zesummeliewen am Grupp an d'Participatioun vu Jidderengem. Sou wéi e Wëllefchersruddel am klengen funktionéiert, sou weist des Geschicht och Parallelen zu der Gesellschaft an där mir liewen.
Wéi d'Wëllef an der Natur, léieren och eis Wëllefcher duerch d'Selwerausprobéieren, an duerch d'Spillen, an maachen hir perséinlech Fortschrëtter.
An dësem Kader proposéire mir eng Versammlung mat e puer Fakten zum an iwwert de Wollef. Niewt deenen Aktivitéiten, déi mir proposéieren, kann een sech um Internet iwwert dëst ganzt speziellt Déier schlau maachen. Zum Beispill hei:

[Der Wolf in Bayern – BUND Naturschutz (bund-naturschutz.de)]

[Artensteckbrief Wolf - NABU]

[Kinder Quiz: Wölfe - [GEOLINO]]

Stellt Äer Versammlung esou zesumme wéi Dir et am flottste fannt !

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef


E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

| De Kierper | |
|---|---|
| | • *De Wollef ass ee ganz schnellt Déier. Hie kann tëscht 50-60 km/h laafen. Dat wier deemno 1km/Minutt! Am Dag kann de Wollef bis zu 80 km den Dag zréckleeën.*<br>**Spill:** Grupewäitlaaf an der Stafette. Jideree leeft 5 Sekonnen a bleiwt stoën. Duerno leeft dee nächsten an der Ekipp vun do aus 5 Sek. weider. Wee leeft am wäitsten? Wéivill Meter si mir zum Beispill an 30 Sekonne gelaaf (eise Wollef leeft jo héichgerechent 500 Meter an 30 Sekonnen…)<br><br>• *De Wollef gesäit ganz gutt an der Nuecht. Hie gesäit an engem Wénkel vun 250° (De Mënsch gesäit op 180°). E Wollef kann anerer op 10 km Distanz haulen héiren an op 2km eng Spuer ophuelen*<br>**Spill:** Geheimschrëft mat der Spektiv: Verschidde Buchstawen oder Wierder ginn op eng mi wäit Distanz op Beem opgehaang. Sie solle lo eenzel/an der Ekipp mat der Spektiv gesicht ginn an duerno geléisst ginn (ee Wuert/Saaz zesummesetzen)<br>**Spill:** Wéi wäit gesinn ech ? Ee Kand bleiwt fix stoën. Deen aneren steet vis-à-vis, beweegt sech no lénks/riets, weist eng Zuel mat de Fanger. Wéi wäit kann ech goën bis deenaneren mech net méi gesäit (mat dem Verglach: wéi wäit gesäit de Wollef)<br><br>• *All Wollefsruddel huet säin eegenen Territoire, deen e säin eegen nennt. Esou een Territoire huet an Däitschland 200 bis 350 km2. Esou e Revéier gëtt markéiert (mat Pippi). Aner Ruddelen richen dëst. E Revéier gëtt géint aner Ruddele verteidëgt.*<br>**Spill:** An der Sizaine sollen d'Wëllefcher engem markéierte Wee nogoën (Wollfiedem, Kräid, …), . Ee vun der Sizaine leet de Wee a verstoppt sech um Enn vun der Spuer.<br><br>• *Ënerteneen verständege sech d'Wëllef duerch Kierpersprooch (Gestik) an duerch Geréicher wéi Haulen. Wëllef „schnauben", billen, wann aner Déiren méi no kommen. Knurren, jéimeren sinn Unzeechen vun engem Sträit.*<br>**Spill:** Dirigentespill. D'Kand A verléisst de Grupp. Déi aner désignéieren een "Dirigent" (Kand B). Wann dat aanert d'Kand erëm bei de Grupp kënnt mëscht den Dirigent eng Mimik/Gestik fir, déi aner maachen se direkt no. Fënnt d'Kand A raus wien den Dirigent ass?<br>**Pantomime mat Wierder zum Wollef:** zum Beispill: Juegd, Revéier, Haulen, markéieren, …<br><br>• *Ee Wollef kann een aneren bis zu 10 km wäit héieren:* |

| | |
|---|---|
| | **Spill:** Uschläichspill: Ee kritt d'Aan verbonnen. Déi aner mussen sech uschläichen, hunn eng Zeitung am Grapp. Wann de Wollef duerch säi Gehéier déi aner héiert weist e mam Fanger drop. Am anere Fall schloën d'Kanner mat der Zeitung op de Kapp (relax).<br>**Variant:** Deen deen d'An verbonn huet setzt an d'Mëtt vum Kreess an huet e Foulard tëscht de Been um Buedem leieen an eng Zeitung am Grapp. Hie probéiert duerch säi Gehéier déi aner mat der Zeitung ze schloen. Déi aner probéieren de Foulard ze kréien ouni ofgeklappt ze ginn (een nom aneren)… |
| De Geescht | • **Wollefsfaarwen.** *Dem Wollef säi Pelz ass oft schwwarz oder wäiss, mat méi oder manner gro. Am Süden a je no Land sinn awer och rout, brong oder+/- orange Wëllef ze fannen. Et ass keen Zoufall dass dëst d'Faarwen sinn déi de B.P. sech fir d'Sizaine gesicht huet. De Wolle fass e Meeschter am Tarnen a Verstoppen.*<br><br>**Tarnspill**: 5 Wëllef ginn sech an de Bësch verstoppen, hunn 10 min. Zäit fir sech ze tarnen. Duerno sichen déi aner no hierem Wollef. De Chef stoppt d'Zäit.<br><br>• **Wollefsquiz**: Zum Schluss oder am Ufank vun der Versammlung bitt sech ee Quiz un (zum Beispill: 1-2- oder 3 / sech an der Ekipp berooden an op de Buzzer schloën wann een d'Äntwert weess).<br>- E fäerdege Quizz fir sech drun ze inspiréieren fënds du zum Beispill hei, hei , hei oder och hei. |

| | |
|---|---|
| Dat Soziaalt | • *Wëllef liewen a Ruddelen vun 3-8 Déieren. Dat si keng wëll Gruppen mee éischter kleng Fmillverbänn. Außerhalb vum Zoo gëtt et kaum „Machtkämpf“ bei de Wëllef. De Wollef geet zesummen an organiséiert mat deenen aneren aus sengem Ruddel op d’Juegd.*<br><br>**Spill:** Topfschlagen: ee Kand geet raus, déi aner verstoppen een Gummibäerchen. Duerch méi héich/ méi déiw Gehäils geet et drëm deem aneren verstoë ze ginn wéi wäit een vum Gummibäerchern wech ass (waarm/kaal…)<br><br>• *Déi kleng Wëllef hunn hier Plaz a Ruddel a léire vun deene groussen. Déi grouss a staark Wëllef ginn net onbedingt den Toun un, mee kucke vill méi dass déi aner nokommen.*<br><br>**Roboterspill mat Bengel:** Dëst Spill kann zu 2 an 2 oder a méi groussen Ekippen, mat Aen zou oder op probéiert ginn. D’Kanner stellen sech an eng Rei. Deen deen hannen an der Rei ass ass de Ruddelsführer. Hie klappt deem virun him zum Beispill riets op d’Schëller (= dréien dech no riets), op di lénks Schëller (dréin dech no lénks) oder op de Réck (géi wieder), … . De Wollefspapp probéiert déi aner op een désignéierte Posten ze kréien… |

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG



| | |
|---|---|
| D' Gefiller | • Wéi weist de Wollef seng Gefiller? Verschidde Biller vum Wollef/Hond kënne gewise ginn. Zum Beispill als Memory (jeeweils Gestik / Gefill zesummesetzen).<br>Duerno kënnen d'Kanner probéiren dat Gefill „nozemaachen“ (mat oder ouni rooden: wat ass dat fir ee Gefill?)<br><br> |

Dat Spirituellt

*Mat 2 Joer verléist dee klenge Wollef d'Ruddel fir sech op d'Sich no enger Partnerin ze maachen fir säin eegent Ruddel ze grënnen. Hei gëtt hien senge Klengen dat mat op de Wee wat hien als jonken Wollef alles kritt huet. Déi Léift, déi Gebuergenheet, déi Wäerter déi hien an sengem Ruddel krut.*

- **Spill:** Jidderee sicht sech een eraus dee fir hien e Schatz ass. (ouni ze verrode wien!) Wann jiddereen ee fonnt huet da lafe mir all zesumme 5 mol ronderëm onse Schatz .. Austausch: Wien hat ech mir erausgesicht? Firwat ass dee fir mech e Schatz?....

- Als "relax" Aktivitéit kann een zum Beispill e P.H. mat de Wëllefcher bauen a mat Ficelle zesummestrécken (zesummen am Ruddel oder och eenzel). Heifir sicht een sech einfach e Modell vun engem Wollef, schléit Neel op déi verschidden Ecker an a verkniet dat ganzt mat Woll.
  Während dem Schaffen kann een de Kanner nach eng Denkaufgab ginn: wat ass flott bei de Wëllefcher oder wéini fills du dech gutt an engem Ruddel…



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG